JEC Camping 2016

17. - 30. Juli 2016

La Vancelle - Alsace

Oberlin-Haus

Jeunesse Étudiante Chrétienne

Wat?

D'JEC geet all Joer um Ufank vun der grousser Vakanz all zesummen op de Camping. Mir verbréngen zwou Wochen an engem Chalet an deem mir spillen, schaffen, iessen a schlofen.

D'Cheffe këmmeren sech dorëms, datt et deene Jonke gutt geet an animéieren en ofwiesselungsräiche Programm: Spiller & Sport, dobannen an dobaussen, Kreativitéit & Theater, Nodenken & Spiritualitéit, Relaxen & Entspanen an en Hike mat Iwwernuechten am Bësch.

D'Kachcheffe këmmeren sech ëm e volle Mo an d'Responsabel koordinéieren de gudden Oflaf.

Wéini?

Départ:
Sonndeg, de 17. Juli 2016
14:00 bei der JEC
Retour:
Samschdeg, den 30. Juli
17:00 bei der JEC

Wou?

Oberlin-Haus
15, rue de l'Altenberg
67730 La Vancelle
France
www.oberlin-haus.de

Et ass net méiglech méi spéit nozekommen, oder méi fréi heem ze goen.

Wien?

Junioren (Alter 11-12)
Cadeten (Alter 13-14)
Moyenen (Alter 14-16)

3 **Cheffen**equipen (diploméiert Animateuren)

2 **Responsabel** (Nicolas Friden & Luc Fischer) & **Kachcheffen**

Paklëscht

- Gezei
  - Ënnerwäsch & Strëmp
  - Boxen (kuerz a laang)
  - T-Shirten
  - Pullover (och décker)
  - Jackett
  - Kap

(fir Sport; Gezei dat dierf knaschteg ginn; Robustes fir am Bësch)

- Schong
- Schlappen
- Wanderschong
- Reenjackett (K-Way)
- Täschemesser
- Täscheluucht (& Batterien)
- Schlofsak
- Carrymat
- Hike-Rucksak (grouss genuch fir Schlofsak a Gezei)
- Bidon
- Bettgedecks
- Bueddicher
- Carte d'Identié, Impfkaart
- Perséinleches:
  - Medikamenter
  - Hygieneartikel
  - ...

- **Autorisation Parentale** fir mannerjäreg Participanten.

Déi ginn op der Gemeng (Biergerzenter) ausgestallt.

- **Fiche médicale** *(gëtt vun der JEC ausgedeelt)*

Mir roden net un elektronesch Geräter matzehuelen an iwwerhuele keng Verantwortung fir eventuelle Schued.

Wéivill kascht dat?

350 € alles inclus (Logement, Transport, Iessen etc.)

Iwwerweist dës Zomm w.e.g. bis den **3. Juli 2016** op de Kont vun der JEC:
IBAN LU14 1111 0145 8030 0000 (BIC: CCPLLULL)
Kommunikatioun: Camping 2016 (+ Numm a Virnumm vum Participant)

D'Umeldung ass eréischt verbindlech, wann d'Suen um Kont vun der JEC sinn an d'Umeldung erageschéckt ginn ass.

Kontakt

Luc Fischer

661 924 355
luc@jec.lu

Nicolas Friden

621 683 276
nicolas.frieden@hotmail.com

Jeunesse Étudiante Chrétienne

23, avenue Gaston Diderich
L-1420 Luxembourg

www.jec.lu

N'hésitez pas à nous contacter pour plus d'informations!

Zéckt net nozefroe fir weider Informatiounen!